**Evangelium vun der Pällemwei C**
**Lk 19, 28-40**

## KONTEXT

Am **V. 28** ass de Jesus zu Jerusalem ukomm (vu Lk 9, 51 bis hei war hien ënnerwee ; an der Apg geet d'Verkënnegung vu Jerusalem aus virun ; Jerusalem ass also fir de Lk den Zentrum) ; elo zitt hien ewéi e Kinnek an d'Stad an ; d'Begeeschterung ass grouss, awer net laang, well gläich drop geet d'Passioun (Lk 21) un : hie kräischt just nach iwwert Jerusalem, geheit d'Buttiksleit aus dem Tempel eraus a léiert d'Leit e puer Deeg am Tempel (Vv. 41-48).

D'Thema vum Jesus, deen a Jerusalem erageet, kënne mer an deene véier Evangelie liesen (Mk 11, 1-10 ; Mt 21, 1-9 ; Lk 19, 28-40, eisen Text a Joh 12, 12-19) ; de Jesus ass wahrscheinlech feierlech a Jerusalem agezunn, wéi all d'Pilger, déi fir d'Pessach- Fest op Jerusalem geplilgert sinn. Mee, no Ouschteren hunn d'Jünger dee méi déiwe Sënn verstanen an deen an dëser Erzielung erëmginn. Z. B. hunn si sech un Zach 9, 9-10 erënnert, wat fir si genee beschriwwen huet, wéi ee Messias de Jesus war. - Si hunn, amplaz drëschen theologesch Aufsätz ze schreiwen, hir Theologie a Geschichteform ogeschriwwen, an deenen Erliewtenes duerch de Brëll vun Ouschteren beliicht an erkläert gëtt ; esou setzt de Lk dann z. B. aner Akzenter wéi seng Virlag, de Mk, ebe well fir dem Lk seng Chrëschtegemeinschaft aner Aspekter wichteg waren. Dat heescht elo net, datt hie Saachen einfach erfonnt hätt : jiddfereent vun deene véier Evangelie beliicht eng Säit vum Jesus sengem Liewen a Wierken ; dat ass och gutt esou, well e Bléck aus véier verschidde Wénkelen, ass méi komplett, wéi nëmmen einfach ee Bléck vu vir. (Dofir gouf dann och dem Tatian, 2. Jhd., säin 'Diatessaron'/'Zusammenschau' wou aus deene véier een Evangelium gemeet gi war, veruerteelt.)

## TEXT

**De Jesus ass erop op Jerusalem gaang (V. 28) :**

('A wéi hien dëst gesot hat, ass hien ...' ass am liturgeschen Text ewechgelooss.) De Jesus schéngt nach ëmmer tselweschtdécidéiert ze si wéi a Lk 9, 51 (cf. och 18, 31 ; 24, 44). Duerch de Brëll vun Ouschtere gekuckt, huet hie missen op Jerusalem goen, nämlech fir datt d'Schrëft (eist Aalt Testament) erfëllt konnt ginn (Cf. 9, 22 ; 17, 25 ; 22, 22 ; 24, 7.26.44).

**Wéi hien an d'Géigend vu Bethphagee a vu Bethanie koum, bei de Bierg, deen Olivebierg genannt gëtt ... (V. 29) :**

Bethpage(e) = Haus vun de Figen ; Bethanien = Haus vun den Aarmen, wou, no Mt 26, 6 ; Joh 11 de Jesus Frënn hat. Bethanie läit schonn um Osthank vum Olivebierg., nach eng 3 Km vu Jerusalem ewech (d.h. méi wäit ewech wéi Bethphagee ; de Lk huet d'Geographie vu Palästina net esou gutt kannt , cf. z. B. 4, 29). – Wat de Jesus deenen zwéi Jünger mat op de Wee gëtt, weist hien als Prophéit, dee wees wat zu Jerusalem op hie waart (theologesch gesinn ; net als een, deen d'Zukunft kennt ewéi eng Kaarteleeësch):

**a sot : « Gitt an d'Duerf vis-à-vis ! Wann dir erakommt ... (Vv. 30-34) :**

De Lk présentéiert de Jesus net nëmmen als Prophéit, mee och als een deen Autoritéit huet : fir hien (a fir déi éischt Chrëschten) war et selbstverständlech datt déi Leit him hiirt Ieselsfillen (en däitleche Bezuch op Zach 9, 9-10 ! – hei ass Theologie mat dragestréckt !) iwwerlooss hunn. – Deemools hätt een 'normale' Kinnek sech ni esou wäit erofgelooss, op engem Ieselsfillen ze reiden ! Also gouf de Leit kloer, an nach méi deenen, déi hir Schrëft kannt hunn, datt hei en 'anere' Kinnek erareit. – Déi zwéi Jünger sollen de Leit äntweren, datt 'den Här ' hiirt Fille brauch ; komescherweis brauchen si net méi Präzisiounen ze ginn, wéi wann 'den Här' nëmmen ee kéint sinn – an effektiv nëmmen ee konnt si fir dem Lk seng Chrëschten.

Et ass erstaunlech, wéivill Plaz déi Geschicht mam Ieselchen an dëser Erzielung anhëlt ! Dat ass natierlech och de Kierchepäpp opgefall ; si hunn an dem Ieselchen eng Metapher gesi fir d'mënschlech Natur (conditio humana) – an déi gëtt hei lassgemaach (3x gëtt dat ernimmt) a bei de Jesus, dee wéi de Kinnek aus Zach 9 a Jerusalem areit, gefouert...

**Dunn hunn si et bei de Jesus gefouert. Nodeems si dem Fillen hir Kleeder op de Réck geworf haten ... (Vv. 35-36) :**

Dat wat d'Leit (oder d'Jünger ? – am Griichesche steet 'si' ; cf. och Mk 11, 8 ; Mt 21, 8 ) elo mat hire Kleeder maachen erënnert un e Passage aus 2Kin 9, 6, wou de Jehu als Kinnek vun Israel gesaleft ginn ass (cf. hei **V. 38**). An deem Sënn léisst de Lk wahrscheinlech och déi 'Äscht vun de Beem' (Mt21, 8) ewech; esou ass d'Uspillung méi eendäiteg. – Kloer war fir de Lk : am Jesus erfëllt sech d'Schrëft , awer anescht, wéi déi meeschte Leit et deemools erwaart hunn.

**A wéi hie bis dohi komm ass, wou et den Olivebierg erofgeet ... (Vv. 37-38) :**

Déi sëllege Jünger, déi sech gefreet hunn erënneren un dem Salomo seng Installatioun als Kinnek (1Kin 1, 33-40) ; et gesäit ee wierklech, wéi mat bibleschen Uspillungen e Muster an déi Szeen hei gestréckt ass. – Historesch hunn d'Pilger, wa se freedeg a Jerusalem agezu sinn, de Ps 42, 5 gesongen. – 'Geseent sief deen, dee kënnt (...) am Här sengem Numm' ass och en Auszuch aus engem Ps vun de Pliger (Ps 118, 26) – mee, de Lk setzt (anescht wéi seng Mk-Virlag, Mk 11, 10) 'hie kënnt als Kinnek' derbäi ! D.h. do setzt de Lk en Akzent : dëse Kinnek bréngt Jerusalem de Shalom, an eng Gnodenzäit (Vv. 42.44) an 'Am Himmel Fridden an Herrlechkeet héich do uewen' erënnert un de Gesank vun den Engelen (Lk 2, 14), dee seng Erfëllung elo huet (boucle bouclée) : De Fridden, deen d'Engele der Äerd verkënnegt hunn, bezitt sech elo op den Himmel. – An et sinn net einfach d'Leit, mee déi sëllege Jünger, déi sech gefreet an den Herrgott haart geluewt hunn ; si ware jo déi ganzen Zäit derbäi an hunn jo all déi Wonner gesinn (cf. Apg 1, 3. 21f), schreiwt de Lk.

**En etlecher vun de Pharisäer, déi an der Mënschewull waren, soten zu him ... (Vv. 39-40) :**

D'Pharisäer kennen de Jesus als 'Meeschter' (Léiermeeschter/Rhabbi) un, méi wäit gesinn si net. Dobäi ass an dëser Erzielung d'Messiasbekenntnis vu Lk 9, 20 präziséiert ginn, dee Credo, deen do een eenzelne gesot hat an deen elo vun de

sëllege Jünger ugeholl ginn ass. – Beim Lk geet hei no net méi Rieds vun de Pharisäer, hie gëtt hinne kee schwaarze Péiter am Jesus sengem Prozess (cf. Apg 2, 22-24) ; et ass och net kloer, ier si de Jünger de Mond verbidde wëllen, oder ier si esouguër vläicht einfach wëlle virsichteg sinn (well d'Deeg virum Pessachfest war Jerusalem e Polverfaas). – No dësem ominéise Saz vum Jesus kënnt d'Ukënnegung vun der Zerstéierung vu Jerusalem – gëtt et do en Zesummenhank, well déi éischt Chrëschten hunn an der Zerstéierung vu Jerusalem am Joer 70 de Judden hir Strof gesinn, well si de Jesus net ugeholl hunn? Dat ass net sécher ; e bedeit och just vläicht, datt nodeems déi Freed hei beim Anzuch a Jerusalem eriwwer ass, d'Gewalt d'Soen huet.

(Fränz Biver-Pettinger)